ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 9. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

No RTL Informatioune vum 6.November 2020 wär et engem Staatsbeamten, deen net Informatiker ass, gelongen sech eng Lëscht vun ongeféier 80 Mataarbechter vum SREL zesummenzestellen.

Weider heescht et de Beamten hätt de SREL doriwwer informéiert an eng E-Mail u seng Direktesch geschéckt, déi awer ni geäntwert hätt. Weider hätt hien den Här Staatsminister informéiert, den och net geäntwert hätt, a mam Chef de Cabinet vum Här Staatsminister geschwat.

Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Elementer aus dem Reportage vun RTL kann den Här Staatsminister confirméieren? Wéini ass hien, respektiv d'Madamm Direkter vum SREL, iwwert dës Affär informéiert ginn?
2. Ass et wierklech méiglech gewiescht, datt eng normal Recherche vun engem dofir net speziell qualifizéierte Bierger duergaangen ass, fir eng ronn 80 Mataarbechter vum SREL z'identifizéieren? Wa jo, wéi erkläert sech den Här Staatsminister dëse schwéiere Sécherheetsproblem?
3. Wa jo, wéi eng Konsequenzen zitt den Här Staatsminister aus dëser Affär? Huet hien direkt reagéiert wou hien informéiert gouf a, wa jo, op wéi eng Manéier?
4. Wéi eng Moossnamen hëlt de SREL fir seng Leit besser ze schützen?
5. Ass sech den Här Staatsminister bewosst, datt dës Affär kann op e Neits dozou bäidroen, datt auslännesch Geheimdéngschter net genuch Vertrauen an de SREL hunn, fir mat him zesummen ze schaffen?
6. Gëtt et an dësem Dossier penalrechtlech Aspekter a, wa jo, ass de Parquet saiséiert ginn?

7. Gëtt sécher gestallt, datt déi Lëscht vu ronn 80 SREL-Mataarbechter net kann zirkuléieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten